Ausfluch Samschdeg, den 02. Dezember 2017 op den Chrëschtmaart zu Monschau(D)

Mir invitéieren Iech häerzlech op een aussergewéinlechen Chrëschtmaart. Och dëst Joer hunn mir eis eppes Spezielles ausgeduecht. Eis Rees feiert eis dëst Joer op Monschau. Den Chrëschtmaart vun Monschau ass bekannt als den romanteschsten Maart an ganz Däitschland. (www.monschau-weihnachtsmarkt.de)

De Geroch vun Liefkuch, Printen a leckerem Glühwäin zitt duerch déi enk Gaassen...esou richt Chrëschtdag, moleresch Fachwierkhäiser, eng Stëmmung wei am Mëttelalter a wonnerschéin dekoréiert Holzbuden

Héich iwwert der Maartplaz suergen Tuermbléiser, Alphornbléiser a verschidden Museksveräiner fir flott Chrëschtdagstëmmung

Ausserdem besiche mer „d'Glashütte Monschau" (www.glashuettemonschau.com) wou en den „Glasmécher" bei der Aarbecht um Uewen nokucke kann. Besonneschen Highlight: Jiddereen kann sech als Souvenir eng „Boule" selwer maachen!

Uschléissend kënnt Der Iech an aller Rou déi romantesch Uertschaft mat sengem heemelegen Chrëschtmaart ukucken.

D'ganz Équipe vum TERRA Préizerdaul wënscht Iech elo schonns en aussergewéinlechen Dag a seet Iech villmools Merci fir Äer Reservatioun!

Programm:

08:30 Départ Parking Fabrik am Préizerdaul (Arrêt Bettborn Gemenge Plaz)
11:15 Visite Glashütte Monschau
12:00 Monschauer Chrëschtmaart. Zur fräier Verfügung.
17:30 Départ Restaurant Reiff, Fischbach(L)
Fräi Auswiel an Owesiessen op eegen Käschten
Uschléissend Retour an den Préizerdaul

Praïs:

25 Euro fir Memberen an Partner vum CTF Terra Préizerdaul / Kanner Gratis bis 12 Joër
30 Euro fir Net-Memberen / Kanner Gratis bis 12 Joër

Umellen duerch iwerweisen op den Kont CTF Terra Préizerdaul
CRRA LU03 0090 0000 0119 4406 bis spéitstens den 24.11.2017.
Numm an Unzuel uginn. Weider Renseignementer iwwer email op
terra.preizerdaul@gmail.com
oder beim Viviane Van der Pal
tel: 691 629 060

TERRA Préizerdaul

Léif Memberen,

Léif Dauler Leit,

heimadder informéieren mer Iech iwwert d' Entwécklung vun eisem Chantier um neie Parking virun der Fabrik.

An Zesummenaarbecht mat der Préizerdauler Gemeng an der Sicona, entsteet hei e klenge Gaart mat Rousen, Stauden, Gestraich, wëll Blummen an Spaléier-Uebstbeem souwéi Hochbeeter mat Geméisplanzen an e Steegaart mat Kraider.

D'Gemeng baut déi néideg Infrastruktur an den „Terra" suergt fir d' Uplanzen an d'Ënnerhaalungsaarbechten vum Gaart.

Weider Infoen wann de Gaart fäerdeg ass.

De Gaart- e flotten Hobby fir d' ganz Famill!

- Geméis an Uebst = Gesondheet
- Blummen a Gestraich = Schéinheet duerch Erhale vun der Artenvielfalt
- Spillwiss fir d' Kanner = Freed fir Jonk an Al
- De Gaart, eise grénge Living = e Plus u Liewensqualitéit fir d' Mënschen an eng Chance fir d 'Ëmwelt!

Duerfir steet den Terra Préizerdaul!

Gitt och Dir Member vum „TERRA Préizerdaul", eng Sektioun vun der Liga Gaart an Heem.

Renseignementer iwwer email op terra.preizerdaul@gmail.com

oder beim Viviane Van der Pal tel: 691 629 060